



► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëll just dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport a gi gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kox. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d'Wuert direkt den zoustänneg Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol wëll ech och dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mir et natierlech wesentlich méi einfach mécht; ech brauch net méi op d'Detailler anzegoen. Ech wëll trotzdem awer vläicht d'Chamber informéieren, wat dat Zesummeleeë vun deene Servicer an der Tëschenzäit scho bruecht huet.

Ech mengen, doduerch, dass mer déi Servicer zesummegeleuecht hunn an der konkreter Praxis, wuel wëssend, dass d'Base légale vum CCG insgesamt gefeelt huet, dun awer an der Praxis scho laang existéiert huet, hu mer natierlech wäit viraus gekuckt an hunn déi Servicer zesummegeleuecht. Dat huet eis et erlaabt, och fir eis Présidence haaptsächlech emol ze garantéieren, dass mer eng Garantie hate vun engem Helpdesk, dee 24 Stonnen op 24 Stonne konnt fonctionnéieren. Wa mer dat net gemaach hätten, hätte mer dat wahrscheinlech net kënne realiséieren.

Am Handy-Beräich - och e ganz wichtege Beräich, dat wësst Der; et gëtt ëmmer méi Beamte beim Stat, déi mat Handy, mat Tablett fonctionnéieren - si mer amgaangen, en neie System ze installéieren, fir ze soen, de Beamten u sech selwer bréngt den Apparat mat, an da gëtt et trotzdem d'Méiglechkeet, all déi Saachen, déi een am Fong brauch, E-Mailen ze kréien, SMSen ze kréien, och säi Calendrier professionnel ze géieren, iwwert dat Instrument, dass dat elo méiglech ass. Honnert Beamten an der Tëschenzäit hu vun där Possibilitéit Gebrauch gemaach. Dat wäert och an Zukunft ganz grouss Käschte fir de Stat spueren an ass also e Schratt an déi richteg Richtung.

Dat nämlecht geschitt mat den Zentralen, den Telefonszentralen an eisen Administratiounen, wou mer et also fäerdegbréngen, duerch déi Interkonnexion vun de Réseaux vum CTIE an de Réseaux vun der Téléphonie, dass mer déi Interkonnexionen eben hierstellen, fir eben och do wesentlich Suen ze spueren.

Dat nämlecht am Beräich vun de Marchéen, wou mer do duerch déi Zesummeleeung, déi mer an der konkreter Praxis elo scho realiséiert hunn, allegueren déi eenzel Marchéen, déi de CTIE scho gemaach huet, am Detail analyséiert hunn. Do, wou et méiglech war, se u Marchéen unzehänken, déi de CTIE schon hat, hu mer déi Marchéen och annulléiert an hunn natierlech doduerch och eng ganz Rei vu besserer Präisser kënnen erausschloen.

Bon, last but not least wëll ech einfach allgemeng soen, dass dës Orientatioun eis et erlaabt, an nächster Zukunft, esou wéi et jo vun alle Riedner hei ervirgestrach ginn ass, grouss Synergien ze maachen, vill Suen ze spueren a virun allem och méi rationell a méi séier kënnen ze schaffen am Dëngscht vun der Fonction publique.

Vläicht awer eppes, fir op d'Awänn och anzegoen, wat elo hei vun de Riedner gesot ginn ass: Selbstverständlech wäerte mer am Site vu Senningen eng Coexistence mat dem HCPN ustrieuen. Dat ass e Projet, deen och schon op déi viregt Regierung zrëckgeet.

Ech wëll awer ganz kloer betounen, dass d'Kompetenzen do ganz kloer opgedeelt sinn: De CCG, deen duerch d'Integratioun an de CTIE selbstverständlich ënnert der Verantwortung vum Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative wäert stoen; den HCPN, deen ënnert der Verantwortung vum Statsminister steet, dat wäert net änneren. Mä trotzdem ginn ech dovun aus, dass mer et wäerte fäerdegbréngen, hei eng gutt Koexistenz fäerdegbréngen. An et ass och eng räumlech Trennung op dem Site vu Senningen virgesinn.

Ech weess net, ob ech ka konkret op deen, bon, Quasireproche agoe vun enger onpreziser Ausdrucksweis an eise Commentaire des articles. Wann d'Kritik esou onprezise bleift, wéi se elo formuléiert ginn ass, ass et natierlech och fir mech ganz schwéier, dorobber ze reagéieren.

Eppes awer vläicht dann zu enger méi konkreter Kritik, dat wär, dass keen Dialog mam Personal do war, wéi mer deen Transfert hei vun de Kompetenze gemaach hunn.

Madamm Modert, ech kann lech berouegen, an ech hat et och schonn an der Kommissioun gesot: Dat stëmmt esou net, ass zwar an eenzelnen Avisen esou ausgedréckt ginn. Ech kann lech awer soen, dass ech selwer op der Plaz war, eng Woch nodeems dass d'Regierung dee Beschluss geholl hat, a mat de Leit an enger Informationsversammlung, mam gesamte Personal, d'Argumenter duergeluecht hunn, firwat dass mer wëllen an déi Richtung goen. An ech kann lech och soen, dass dat eng ganz konstruktiv Diskussioun war an dass och do, mengen ech, d'Leit verstanen hunn, firwat dass mer an déi Richtung ginn.

An an der Tëschenzäit kann ech och soen, dass mer musse feststellen, dass de groussen Deel vun de Leit, net nëmmen e groussen Deel, mä, ech géif soen, dass bal d'absolutt Majoritéit vun de Leit och voll matzitt, fir deen Transfert do hinzekréien, am Sënn vun deem, wéi mer hei an der Chamber elo, mengen ech, parteiwwergräifend festgestallt hunn, fir Synergien ze schaffen, fir méi konkret a besser kënnen ze schaffen.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Merci, Här Minister. Ech hat vun der Annonce vum Transfert geschwat.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6756 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6756 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer.

60-mol Jo. Dat ass kloer.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An da géif ech lech just nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci villmools! Dann ass dat esou decidéiert.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6812. Et handelt sech ëm e Sécherheitsaccord iwwert den Austausch vun Donnéeën mat Éisträich a Kroatien. Och hei ass de Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

7. 6812 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Autriche concernant l'échange et la protection réciproques des informations classifiées

- de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Croatie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Villmools Merci fir d'Wuert, Här President. Dir hutt eigentlech scho gesot, ëm wat et geet, nämlech ëm déi zwee Accorde vun eise Land mat Kroatien engersäits an Éisträich op där anerer Säit. An dat Ganzt handelt ëm den Échange an ëm d'Protektioun vu klassifizéierten Informatiounen.

Dës zwee Accorden, déi schafen e rechtliche Kader, deen den Austausch an och de Schutz vu klassifiziertem Material vun deene Vertragspartner, also Lëtzebuerg, Kroatien an Éisträich, regelt.

Fréier, ech géif soe bis nom Enn vum Kale Krich, gouf d'Notioun vu Protection des informations classifiées éischer an engem militäreschen Zesummenhang gebraucht. Haut muss een dat e bësse méi differenziéiert kucken; och well mer verstärkt ebe mat neien, oft vläicht manner visibele Menacë konfrontéiert sinn a ginn, éischters zum Beispill der Menace am Beräich vun der Sécherheet: Terrorismus, d'Proliferatioun och vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter oder uechtert d'Welt an natierlech och d'organiséiert Kriminalitéit, net ze vergessen.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique, financier an och scientifique geet. An do handelt et sech dann éischer ëm Industrie- oder och Technologiespionage.

Mir wëssen an deem Zesummenhang, dass mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der haute Technologie hunn. An all déi Programmer sinn natierlech mat ville sensibelen Informatiounen verbonden. Wann een als Land also wëllt un esou Programmer deelhuefen, da muss een de Partnerlänner och kënne garantéieren, dass hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genausou gutt protegéiert ginn, wéi dat an hirem respektive Land de Fall ass.

D'Basis vun dese bilateralen Accorden ass geuecht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité. Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg sech e juristesche Kader gi fir d'Klassifizéierung ebe vu sensibelen Informatiounen: Wéini muss en Dokument klassifizéiert ginn? Wéi eng Geheimhaltungsstufe gëtt et? Wien dierf eng Klassifizéierung virhuelen a wien huet och Zougrëff op esou Material?

Et ass och vläicht nach wichteg ze bemierken, dass et net nëmmen tëschestaatlech Ofkommesse fir de Schutz an den Échange vun esou klassifizéierte Piécen an Informatiounen gëtt, mä et gëtt och multilateral Protektiounsregimier, zum Beispill am Kader ebe vun der NATO, der ESA, awer och der Europäescher Unioun.

Wat elo awer déi tëschestaatlech Ofkommessen ubelaangt, esou sief nach erwähnt, dass mer där schonn eng ganz Rei hunn, an zwar zum Beispill mat eisen Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an och der Belsch, mä awer och mat Länner wéi Lettland, Portugal, Spuenien, mat der Tschechescher Republik, Schweden, der Slowakei, Finnland, Slowenien, Estland a Georgien. An iwwert dee leschte vun esou Accorden, dat war dee mat Norwegen, do hu mer de 5. Juni (veuillez lire: de 5. Juni 2014) an dësem Héijen Haus ofgestëmmt gehat.

Dës Accorden hu praktesch ëmmer deen nämlechten Opbau, dofir géif ech lech elo net hei mat all eenzelnem Detail erschloen. Wesentlech bei deenen Accorden ass awer, dass all Vertragsstat déi néideg Mesuren hëlt, fir d'Protektioun vun de klassifizéierten Informatiounen, déi dann eben échangéiert ginn, ze garantéieren.

Eng klassifizéiert Informatioun, déi ee vun engem anere Stat kritt an déi engem bestëmmten Niveau de sécurité entsprécht, kritt deeselwechte Protektiounsniveau wéi déi eege klassifizéiert Informatiounen an deem bestëmmten Niveau de sécurité. Fir dass dat och an der Praxis esou geschéie kann, enthält den Accord en Tableau d'équivalence vun de véier Niveaux de sécurité. Dat sinn: très secret, secret, confidentiel a restreint.

Dann zum administrativen Deel. De Statsrot huet de Projet de loi de 16. Juni aviséiert. Den 29. Juni gouf ech do an der aussepolitesser Kommissioun als Rapportrice vun dësem Projet genannt. Mäi schrëftleche Rapport, dee gouf do kuerz virun der Vakanz, nämlech de 6. Juli, an der aussepolitesser Kommissioun och ugeholl.

Änlech Accorden hu mer, wéi gesot, ech hu se opgezielt, mat ronn 14 Länner ofgeschloss. E weideren Accord gouf mat Polen ausgehandelt, ënnerschríwwen an och schonn als Projet de loi elo rezent déposéiert. Mir wäerten eis also an nächster Zäit nach eng Kéier mat esou engem Projet hei musse beschäftegen. A parallel zu dësem Projet de loi diskutéiere mer jo och elo gläich iwwert den Accord de sécurité mat der Organisation conjointe de coopération en matière d'armement, ofgekierzt OCCAR. An do wäert eise Kolleg a Frënd, de Marc Angel, lech jo duerno de Rapport maachen.

Ech fir mäin Deel hätt domat mäi Rapport zu dësem Projet de loi hei gemaach. Ech soen lech natierlech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och am selwechten Otemzuch den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dese Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet direkt den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen der Madame Dall'Agnol villmools Merci fir dee Rapport, schrëftlechen a mënschlechen, dee se gemaach huet.

► **Une voix**.- Mëndlechen!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mëndlechen.

(Hilarité)

Et ass esou, dass si ganz komplett war. Ech mengen, mir schreiwen eis an dësen Accord ganz einfach an an eng Praxis, esou wéi se international exercéiert gëtt, wou déi eng Länner par rapport zu deenen anere sech engaéieren, dass Dokumenter, déi op deem enge Wee oder op deem anere Wee hin- an hierginn, och déi Geheimhaltung hunn, wéi et an dem Land d'origine festgehalen ass. Dat ass eng absolut normal Saach. Anescht géif et guer net goen an deenen Échange vu Sécherheitsdokumenten.

An et ass aus deem evidente Grond, dass d'CSV-Fraktioun och d'accord mat dësem Text ass a wäert dozou jo stëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wiseler. Den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv, wéi dat elo schonn e puermol hei ugeklongen ass, mir bewegen eis hei jo an engem ganz sensibelen Beräich, wat den Échange an d'Traitement vu geheimen Donnéeën an Informatiounen ubelaangt. An dowéinst ass et fir eis och evident, dass esou Accorden och sollen ënnerschríwwen ginn. Ech bréngen selbstverständlech den Accord och vun der Demokratescher Partei a soen der Madamm Dall'Agnol och nach Merci fir hir verschidde Berichter.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Graas. An dann huet d'Madamm Viviane Loschetter d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Voilà, och mir soen der Rapportrice Merci fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, och d'ADR dréckt der Madamm Dall'Agnol fir dese Rapport hire Merci aus. Wann een esou e Rapport oder wann een esou e Gesetz ratifizéiert, wéi dat heiten, ass et wichteg, dass een net nëmmen den Text huet, mä et muss een och deenen auslännesche Staten dat Gefill ginn, dass wierklech och de Wëlle vun engem Land derhannertsteet, fir confidentiel Informatiounen ze schützen. Et ass vläicht do, wou mer zu Lëtzebuerg och nach mussen e bëssen noschaffen. Dat ass dee Punkt vun enger Kultur vun der Sécherheet, déi eis heiansdo am Émgang mat esou Informatiounen feelt.

Fir dat Vertraue vum Ausland och kënnen dauerhaft ze halen, muss och an esou Beräicher wéi zum Beispill dem Zougang zu den Archive vum Geheimdëngscht, wann auslännesch Informatiounen kënne betraff ginn, besonnesch gutt gekuckt ginn, wat ee mécht, well et ass net nëmmen dat Vertrauen, wéi gesot, hei am Land, wat um Spill steet, mä och de Stellerwäert vu Lëtzebuerg als vertrauenswürdege Partner an anere Länner. Dat ass eng wichteg Considératioun, déi een do muss am A behalen.

Mir wäerten dese Projet matstëmmen, wéi gesot, mat deem Wonsch, dass déi Geleeënheet, déi mer hunn, fir iwwer esou Sujeten ze schwätzen, e wëllkommenen Ulass ass, fir eis alleguer nozeleeën, wéi gesot, fir eng Kultur vun der Sécherheet am wäite Sënn ze entwéckelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An de leschten ageschríwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Déi Matière, vun där mer hei schwätzen, dat ass jo d'deegelecht Brout vun de Geheimdëngschter. Dat sinn déi Informatiounen, déi ausgetosch ginn tëschen Geheimdëngschter. Et handelt sech hei, wat eis Obligatiounen ugeet, ëm déi klassifizéiert Informatiounen, a klassifizéiert si se alleguer a Geheimdëngschtmilieuen, déi hei an eise Geheimdëngscht komme vun engem auslänneschen Dëngscht, déi do verwäert ginn, déi do even-



tuell och kënnen Konsequenzen hu fir Leit, déi dervu betraff sinn.

Mer haten de Fall vun engem tunesesche Bierger, deen an Tunesien, déi Zäit, wou nach do eng Diktatur war, emol ausgeliiwert ginn ass opgrond vun esou Informatiounen, deen do schrecklech gefolttert ginn ass an deem säi Liewen duerno gebrach war. Wat ech domat wëll soen: Mir schwätzen hei vill vu Schutz vun deenen Informatiounen. Mir schwätzen net vu Schutz vun deene Leit, déi eventuell zu Onrecht vun esou Informatiounen betraff sinn.

Zu Lëtzebuerg, wann ech wëll Abléck kréien an Informatiounen, déi de SREL iwwer mech gesammelt huet, dann hunn ech déi Méiglechkeet. Ech kann eng Kommissioun aschalten, déi fir mech kucke geet an déi kuckt, ob déi Informatiounen och zu Recht opgehuewe gi sinn an déi eventuell kann d'Déci-sioun huelen, déi Déci-siounen (veuillez lire: Donnéeën) ze zerstéieren. Dee Prinzip, dee mer heimadde aféieren, andeem mer déi Konvention unhuelen, et ass awer net an dëser Konvention eleng, mä an all deene Konventionen... Et steet och an eiser Gesetzgebung ausdrécklech dran, dass déi auslännesch Informatiounen geschützt si virum Accès vun engem Bierger, deen eventuell dervu betraff ass.

Wann ech also wëll Accès hunn zu Informatiounen, déi iwwer mech gesammelt gi sinn, iwwer esou e Wee, dann hunn ech déi Méiglechkeet net. Ech kann net op d'Gericht goen an ech kann déi Informatiounen net akloen. Ech kann och net bei d'Kommissioun vum Artikel 17 goen a froen, dass déi fir mech kucke geet, wat et mat deem Dossier do op sech huet. Dat heescht, mer schränken am Fong geholl heimadde de Schutz a vum eenzelne Bierger, fir sech géint esou Informatiounen ze wieren.

D'Konsequenze vun esou Texter sinn, dass am Fong geholl national Reglementatiounen iwwert d'Geheimdéngschter, déi mer amgaange sinn ze diskutéieren an unzuhuelen, dass déi national Reglementatiounen e ganz beschränkte Wäert hunn, well et ass bekannt: Ganz vill vun deenen Informatiounen aus deenen d'Geheimdéngschter sech speisen, déi komme vun anere Geheimdéngschter. Déi kommen och zum Beispill vun der berüchtgter NSA an den USA, wou also Informatiounen gesammelt ginn ausserhalb vun all Kontroll.

Et handelt sech do ëm e Basar vun Informatiounen, ëm eng Nébuleuse vun Informatiounen, eng international vun de Geheimdéngschter, déi äusserst effikass ass an déi, egal wéi mir hei eise Geheimdéngscht reglementéieren, wäert och an Zukunft Afloss huelen op dat, wat eise Geheimdéngscht mécht.

Ech wëll drop hiweisen, dass viru Kuerzem, ech mengen, d'lescht Woch, eng wichteg Déci-sioun geholl ginn ass vun der Cour européenne de justice. Do ass et ëm déi Informatiounen gaangen, déi Facebook an den USA späichert. Mer wësse jo, dass Facebook all déi Informatiounen an den USA späichert an dass an Amerika effentlech Stellen e massiven Agrëff dorobber huelen; och Geheimdéngschter e massiven Agrëff dorop huelen.

Dat ass vum Europäesche Gericht kritiséiert ginn. D'Europäesch Kommissioun huet gesot: „D'USA ass e sécheren Hafen fir esou Informatiounen.“ „Safe Harbor“ huet déi Direktiv geheescht. A si huet decidéiert, dat wier kee Problem. Déi Déci-sioun vun der Europäescher Kommissioun ass gekippt gi vum Europäesche Gericht, wat gesot huet: „D'USA si kee sécheren Hafe fir esou Informatiounen.“

A si hu kritiséiert, éischstens, de massiven Zougrëff vun den amerikaneschen Autoritéiten, och vun de Geheimdéngschter, op esou Informatiounen. An zweetens hu se kritiséiert, dass en eenzelne Bierger keen Accès huet op déi Informatiounen an net zum Beispill eng Rectificatioun oder eng Suppressioun vun deenen Informatiounen ka froen. A si hu gesot: „Dat ass kee wierklechen effikassen Accès, deen d'Bierger do hunn zur Justiz. Duerfir ass esou eng Situatioun net d'Situatioun vun engem Rechtsstat.“

An domat ass am Fong geholl de Kär vun der Problematik hei ganz kloer vun europäesche Gerichter opgezeechent ginn. Mir hunn et hei mat enger Nébuleuse ze dinn, mir hunn et hei mat engem rechtsfräie Raum ze dinn, wou d'Servicer maachen, wat se wëllen, a wou déi auslännesch Déngschter déi Informatiounen, déi se eise Déngscht ginn, kënnen schützen. A kee Mënsch, och kee Gericht, huet dorobber en Zougrëff. An dat ass fir eis äusserst problematesch. Duerfir stëmme mer, wéi ëmmer, géint esou Konventionen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An elo huet den Här Sécurité-so-

ciales-Minister a Verriedung vum Ausseminis-ter d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, Ministre des Sports, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Merci bien, Här Chamberspräsident, fir d'Wuert. Ech wollt am Numm vun der Regierung fir d'Éischt der Rapportrice an awer och där ganzer Kommissioun e grouse Merci soe fir dee wierklech detaillierte Rapport, dee wierklech eis gewisen huet, wat déi zwee Accorden hei engersäits mat Eisträich, anerersäits mat Kroatien beinhalten.

Ech mengen, hei ass eng Prozedur, déi sech ureit un dat, wat zënter 2005 déi eenzel Regierung gemaach hunn, fir esou Accorden ofzeschleissen, an dat virun allem am Kader vun enger méi breeder, méi enger globaler Sécherheetspolitik, virun allem, mengen ech, mam Bléck op déi aktuell Menacen, déi de Moment do sinn, dee ganze Beräich, mengen ech, vum Terrorismus, virun allem awer och vun de regionale Konflikter, de schwache Staaten, déi riskéieren ze kollabéieren, op där anerer Säit awer och organiséiert, wéi gesot, Kriminalitéit, Wirtschafts- an Industriespionage, déi och hei, mengen ech, ee vun den Theme waren, an ech mengen, d'Madame Rapportrice ass drop agaangen, mat all deenen Accorden, déi an der Tëschenzäit ofgeschloss goufen.

An ech mengen, eng Rei Diskussiounen, déi hei kommen, wäert een an der nächster Zäit och nach eng Kéier kënnen féieren, nach méi intensivéieren, souwuel hei am Parlament wéi och an der Kommissioun, well an der Tëschenzäit, niewent deenen Accorden, déi ofgeschloss goufen an déi vun der Madame Rapportrice genannt goufen, ass et och esou, dat och mat Zypern a Groussbritannien dëser ofgeschloss goufen, dat et mat Italien kuerz virdru steet, fir och een Accord fäerdeg ze kréien an dat dann ebe virun allem och Verhandlungsläife mat Brasilien, Malta, Rumänien, der Tierkei, Litauen, Dänemark a Bulgarien.

Dir gesitt also, dat d'Parlament an deenen nächste Méint, an deenen nächste Joren effektiv nach dacks d'Geleehnheet kritt, iwwert dës Accorden ze diskutéieren. An an deem Sënn soen ech villmools Merci fir, mengen ech, déi grouss Zoustëmmung, déi hoffentlech dës Projet ka kréien. An nach eng Kéier Merci der Kommissioun, dem Parlament an der Rapportrice fir dee flotte Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6812 et dispense du second vote constitutionnel

An da fänke mer direkt mat der Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

An de Projet 6812 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen direkt zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6813, e Sécherheetsofkommes iwwer klassifi-

ziert Informatiounen tëschent Lëtzebuerg an der OCCAR. A wie ka besser doriwwer Bescheed wësse wéi de Rapporteur, den Här Marc Angel?

8. 6813 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement (OCCAR) sur la protection des informations classifiées, fait à Luxembourg, le 6 janvier 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech awer ganz kuerzfaassen, well bei dësem Projet geet et nämlech och ëm esou een Accord de sécurité iwwert de Schutz vu klassifizierten Informatiounen. Den Ennerscheed zwëschen dësem Projet an deem, deen d'Madame Dall'Agnol eis elo virgestallt huet, a wéi mer der schonn eng ganz Rëtsch haten, ass, et ass hei net en Accord zwësche Lëtzebuerg an engem anere Land, mä zwësche Lëtzebuerg an der Organisation conjointe de coopération en matière d'armement, ofgekierzt OCCAR genannt.

Mir haten dee Projet zweemol an der Kommissioun: den 29. Juni, wou och d'Beamte vum zoustännege Ministère do waren an op all Froe kloer Äntwerte ginn hunn, a mir haten nach eng Kéier de 6. Juli an der Kommissioun driwwer geschwat. Dësen Accord erlaabt et, Lëtzebuerg e protegéierten Accès ze ginn op cryptéiert Dokumenter vum Programm A400M. Et huet also mam Kaf vu Lëtzebuerg vun deem Militärtransportflieger ze dinn, an dat par l'intermédiaire vun onse belschen Nopere. D'OCCAR ass eng europäesch intergouvernemental Organisatioun, déi säit 1996 hir Grënnungsmembere Frankräich, Däitschland, Italien a Groussbritannien regroupéiert an adhëriert sinn dono nach d'Belsch an och Spuenien.

Onst Land Lëtzebuerg ass net Member, wëllt och net Member gi vun der OCCAR, mä mir hunn de Statut vum Observateur fir just een eenzege Programm, an dat ass, wéi gesot, de Programm vum A400M. An d'Haaptzil vun der OCCAR ass et, fir d'Länner gemeinsam Programmer ze gëreieren, ze facilitéieren am Sënn vu Synergien an esou dann och d'Effikassitéit vun der Zesummenaarbecht ze verbessern, an dat Ganz natierlech am Sënn vun enger Reduktioun vun de Käschten.

Lëtzebuerg kritt also elo duerch dësen Accord iwwert de Schutz vun Informatiounen Zougang zu de cryptéierten Informatiounen. An duerch dësen Accord mussen all Renseignermenter a klassifizéiert Material viru Spionage, Divulgiatioun an och net autoriséierter Kommunikatioun geschützt ginn.

Den Accord hei schaaft, wéi all déi aner Accorden och, an dësem Sënn de juristesche Kader, andeem sech dee ganzen Austausch vun deenen Informatiounen ofspillt. Ech erspueren lech den Inhalt vun deene 14 Artikelen.

Ech wollt just eng Remarque maachen, wat de Conseil d'État gesot huet. En huet zwou Textpropositiounen gemaach, déi mer och ugehall hunn. Am Artikel 11 Paragraf 3 stoung ursprénglech: «Toute modification au présent accord est soumise à ratification par le Parlement du Grand-Duché de Luxembourg.» Do seet de Conseil d'État, et ass erronné, eis Chamber ratifizéiert net, Artikel 37 vun der Konstitutioun. Mir mussen do schreiwen „approuve“.

An dann hu mer och eng zweet Textännerung. Do huet de Conseil d'État eis proposéiert, am Intutill net einfach „Accord“ ze schreiwen, mä „Accord de sécurité“, einfach déi zwee Wieder „de sécurité“ derbaizesetzen.

D'Kommissioun huet déi zwou Propositiounen unanime ugehall. Si huet och mäi Rapport unanime ugehall. An ech ginn am Numm vun der LSAP hei den Accord, an ech bidden lech, dat och ze maachen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Angel. An dann huet den Här Halsdorf d'Wuert. Ech hat den Här Wiseler hei stoen.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Den Här Wiseler kann och...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Halsdorf ass also den Här Wiseler.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Et gëtt Schlëmmeres.

► **Une voix.**- Gitt lech eens!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Bei där heiter Problematik, mengen ech, si mer eis alleguerten heibannen eens, dass et net anescht geet, wéi dass mer dee Kontrakt do maachen. Vu dass mer decidéiert hunn an der Politik, den A400M notamment ze ënnerstëtzen, geet et net anescht. Da musse mer eis hei ralliëieren an d'CSV wäert sech da ralliëieren an dësse Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Halsdorf. Dann huet den Här Gusty Graas d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir hat recht an Ärer Aschtzung ze soen, dass den Här Angel wierklech predestinéiert wier, fir e ganz gudde Rapport hei ze maachen.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Gusty Graas (DP).**- Ech ka mech deem nëmmen uschleissen. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass et awer trotzdeem och e ganz wichteg Gesetz ass, wat mer hei stëmmen, well et eis als Lëtzebuerg jo awer och d'Méiglechkeet gëtt, och wa mer net um Haaptdësch setzen, trotzdeem um Niewendësch vun der OCCAR, fir dass mer awer bei där gemeinsamer Acquisitioun mat der Belsch vun de Militärflieger awer deementspriedend op déi néideg Informatiounen och kënnen zréckgräfen.

An deem Sënn wäert d'Demokratesch Partei och hir Zoustëmmung ginn. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Graas. Dann d'Madamm Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, och mir soen dem Rapporteur Merci fir dee mëndlechen a schrëffleche Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus, fir unzefänken, dem Här Angel e Merci fir dee Rapport, deen en eis gemaach huet. Dat heiten ass e schwierge Rapport, wéi den Här Bodry mengt. Et ass awer elo e ganz interessanten Accord. An ech mengen, et ass derwäert, dass mer zwee oder dräi Wieder iwwert déi heite Problematik verléieren.

Et ass éischstens emol schued, dass den Här Défenseminister haut net hei ass, well eng Rei vun deenen Observatiounen an dësem Kontext adresséiere sech direkt un de Ministre de la Défense. Mir respektéieren, dass e sech remplacéiere léisst, mä mir hätte léiwéier gehat, en hätt kënnen haut hei sinn, well eng Rei vun deene Froen, déi mussen elo opgeworf ginn, déi sinn a sengem direkte Kompetenzberäich.

Et ass och interessant, dass den Här Angel seet, Lëtzebuerg wëllt net Member vun der Associatioun OCCAR ginn, well et ass seelen, dass Lëtzebuerg bei enger Associatioun, bei engem internationale Mouvement, deen integratiounsfreedeg ass an notamment am Beräich och vun der Baussen- a vun der Verdeedungspolitik net wëllt matmaachen. Och dat muss relevéiert ginn, an et wär interessant, fir ze wëssen, firwat dat net soll de Fall sinn.

Mä et ass virun allem eng Méiglechkeet, fir drop opmierksam ze maachen, wéi komplex d'Acquisitioun vu Rüstungsprojete wierklech ass an der Wierklechkeet. Mir hu jo mat den Dingoe vill Erfahrung gemaach an d'Partnerschaft vun der NAMSÄ sengerzäit gebraucht, fir dat kënnen ze maachen. Hei beim A400M hu mer eis decidéiert, fir mat der Belsch zesummenzeschaffen.

Mä d'Fro ass eigentlech: Firwat elo, nodeem dee Projet méi wéi zéng Joer leeft? An dat ass eng interessant Fro an dësem Kontext! Deen A400M ass jo net nei als Projet. Mir hunn en zwar nach ëmmer net a froen eis, wéini mer en dann endlech solle kréien, mä de Projet ass jo net nei! Firwat gëtt elo, 2015, op eemol festgestallt, dass mer mussen de façon urgente en Accès kréien op déi confidentiel Dokumenter vun engem Projet, an deem mir eis scho säit Joren engagéiert hunn, ënnert der Kritik vun der ADR?

An ech mengen och, dass déi Kriticken, déi mer schonn e puermol formuléiert hunn, sech am Laf vun der Zäit confirméiert hunn, well dee Projet huet x Délaie kannt, en huet eng Rei vu